LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 701 vum 8. Mee 2024 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement.**

*1. An der Äntwert op d'Fro n°6056 huet de Minister erkläert: "An de Joren 2019 bis 2021 goufen am Ganze 5.501 nei Recourse beim CASS eragereecht, dovun 2.056 am Joer 2019, 1.716 am Joer 2020 an 1.729 d'läscht Joer." Wéi vill Recourse waren et fir d'Joren 2022 an 2023?*

Am Joer 2022 goufen 1.522 Recourse beim CASS eragereecht. Fir d'Joer 2023, sinn et der 1.900.

*2. 2022 loung den Delai fir de Recours bei der CASS bei 3 bis 6 Méint. Wéi laang dauert et am Moment vun der Demande de recours bis zur Decisioun?*

Tëschent dem Dag wou de Recours deposéiert gëtt, der éischter Fixatioun vun de Plaidoirien, der Prise en délibéré an dem definitiven Urteel, läit den Delai an der Moyenne bei 2 bis 4 Méint. Heizou sief bemierkt dass dësen Delai vu verschiddene Facteuren ofhängeg ass, ënnert anerem vun der Unzuel an der Komplexitéit vun den eenzelnen Dossieren, dem Verhale vun den 2 Parteien (Unzuel vu Refixatiounen), oder nach der Unuerdnung vun eventuelle medezineschen Expertisen.

*3. Wéi vill Leit sinn am Service vum CASS säit 2020 agestallt ginn? Wéi vill hunn de Service an dem selwechten Zäitraum verlooss?*

Zënter 2020 goufe 14 Persoune beim CASS agestallt, dovun 2 Riichter, 2 médecins-conseil, 5 Greffiers a 5 Employéën. Zënter dem selwechte Joer hunn 8 Persounen de CASS verlooss, dovun 1 médecin-conseil, 4 Greffiers an 3 Employéën an dëst aus verschiddene Grënn (Pensioun, Demissioun, Administratiounswiessel…).

Lëtzebuerg, den 31. Mee 2024

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez